



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Le Ministre des Classes moyennes
Le Ministre du Tourisme

Äntwert vum Minister fir Mëttelstand op d'parlamentaresch Fro n° 6981 vum 10. Oktober 2022 vum Här Deputéierten Sven Clement.

Bei de Fit 4-Programmer ginn d'Appels à candidature ëmmer 1 mol am Joer vu Luxinnovation gemaach. Dës Approche huet sech iwwert déi lescht Jore bewäert an wäert deemno och fir de Programm SME-Packages iwwerholl ginn.

Et ass ze bemierken, dass wann eng Kandidatur vun engem Prestataire während dem Joer erakënnt, Luxinnovatioun de Prestataire automatesch kontaktéiert soubal den Appel à candidatures op ass. Deemno kann een hei net vun enger struktureller Benodeelegung schwätzen, well dës Prozedur an aller Transparenz ofgewéckelt gëtt an d'Konditione fir all Prestataire déi selwecht sinn.

D'Bedingunge fir als Prestataire bei deene verschiddene Programmer matzeschaffen sinn op Luxinnovation.lu och ëffentlech zougänglech.

Lëtzebuerg, den 18/10/2022.

De Minister fir Mëttelstand

(s.) Lex Delles